adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe Parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 AVR. 2014
195

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

*Am Regierungsprogramm gëtt ënner demTitel "Des modèles d'éducation innovants" ënner anerem dëst ugekënneg: "Au niveau du contenu de l'éducation non-formelle, l'attention portera également sur l'éducation au développement durable et à l'éducation sexuelle et affective qui sera axée aussi bien sur ses aspects biologiques que sur les aspects émotionnels et relationnels ainsi que sur les questions d'identité sexuelle".*

*An der Educatiounskommissioun hat ech den Här Minister dorop ugeschwat an hien huet gemengt, datt den Inhalt an d'Methoude sollten altersgerecht sinn. Adequat Programmer géinge vun Experten ausgeschafft ginn.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:*

*1. U wéi eng Alterskategorië soll sech dës "éducation sexuelle" adresséieren?*

*2. Gëtt déi sougenannten "Gender-Theorie" de Kanner am Kader vun dësem Unterrecht direkt oder indirekt vermëttelt?*

*3. Ginn d'Kanner mat Phänomena wéi der Homosexualitéit, der Transsexualitéit a sou virun am Kader vun deem Unterrecht konfrontéiert an, wa jo, vu wéi engem Alter un? Wéi gi sou sexuell Phänomena am Vergläich zur Heterosexualitéit presentéiert? Wéi en Unterrechtsmaterial gëtt benotzt? Sollen d'Kanner – wéi dat schonn am Ausland geschitt ass – zur Homosexualitéit encouragéiert ginn?*

*4. Wéi eng Experte genee gi mat der Ausaarbechtung vu sou Programmer beoptraagt? Soll e sougenannten "Sexkoffer" am Unterrecht benotzt ginn, wéi dat och am Ausland probéiert gouf? Wa*

*jo, vu wéi engem Alter u sollen d'Kanner mat sou Material confrontéiert ginn?*

*5. Ginn Themata wéi z.B. d'Ofdreiwung a sou engem Unterrecht ugeschwat? Gëtt dee Schutz vum Liewen als iewescht Prinzip respektéiert? Vu wéi engem Alter u soll d'Ofdreiwung eventuell am Unterrecht behandelt ginn an a wéi enger Form?*

*6. Wie soll déi "éducation sexuelle" enseignéieren? Wéi eng Qualifikatioune mussen déi Leit hunn, déi dat Fach sollen enseignéieren?*

*7. Ass den Här Minister bereet, d'Chamber kontinuéierlech a komplett doriwwer ze informéieren, wéi déi "éducation sexuelle" virbereet gëtt, wéi en Unterrechtsmaterial benotzt gi soll a wat de geneeë Contenu vun deene Coursë si soll?*

*8. Wéi eng Rechter hunn d'Elteren an deem Zesummenhank? Denkt den Här Minister, datt de Staat sech däerf den Eltere bei der Sexualerzéiung substitutéieren? Kënnen d'Elteren sech sou engem Unterrecht fir hir Kanner opposéieren?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten